Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit, Bannenzeg Sécherheet & Verdeedegung weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°615 hat ech den honorabele Minister Bausch iwwert den Incident vum 23. Februar 2019 um belsche Militärstëtzpunkt „Kleine Brogel" befrot a wat fir Konsequenzen dësen Incident op d'Sécherheetsmesurë vum Fluchhafe Findel hat.

No méi wéi zwee Méint – also méi Zäit, wéi de Chambersreglement zouléisst – krut ech an enger ganz kuerzer a präziser Äntwert een Deel vu menge Froe beäntwert. E puer vu menge Froen hu leider keng Beuechtung vum Här Minister fonnt, soudass ech him se ënnert anerer Form nach eng Kéier stelle wëll:

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Sinn nom Incident um "Kleine Brogel" d'Sécherheetsmoossname ronderëm an um Findel verstäerkt ginn?
  - Falls jo, wéi eng Mesuren si getraff ginn a wat war de Käschtepunkt vun dësen?
  - Falls nee, firwat net?

- Schätzt de Minister, dass deen a senger Äntwert genannten *Plan de Sûreté Aéroportuaire* duergeet fir Zivilisten dovun ofzehale mat gewéinlechen Handwierksgeschir op de Fluchhafe Findel anzedréngen ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député